

ANNEX I- Logik- a Verständistester

An der 2. Etapp vum Concours maachen d'Kandidat*innen een Test, deen aus zwou Aufgabe besteet.

1. En Text liesen a Multiple-Choice-Froen innerhalb vu maximal 10 Minuten beäntweren;
2. 22 Froen hannertenee beäntweren, a maximal 10 Minuten.

Den Test dauert maximal 20 bis 30 Minuten.

Déi zwou Aufgabe vum Test solle gläichzäiteg online gemaach ginn an am Idealfall am schoulesche Kontext, also mat Hëllef vun de Ressourcen vun der Schoul an ënnert der Opsicht vun engem Erwuessenen/Schoulpersonal stattfannen.

D'Kandidat*inne ginn am Voraus iwver de genauen Datum, d'Zäit an de Standuert vum Test informéiert. Aus Grënn bezüglech dem Schutz vum Copyright ass et net erlaabt, Screenshots vum Inhalt vum Test ze maachen.

D'Organisateur*innen analyséieren d'Resultater vun deenen zwou Aufgaben:

1. D'Aufgab (1) mécht 25% an d'Aufgab (2) 75% vum Resultat aus;
2. D'Resultater ginn no den Altersgruppen [13-15 Joer] an [16-18 Joer] ermëttelt.

Nodeems déi 2. Etapp ofgeschloss ass, gi maximal 125 Schüler*inne fir de weidere Selektiounsprozess ausgewielt.